N°2873
Entrée le 16.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.09.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 16. September 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Den CNFPC zu Ettelbréck ass als nationalen Acteur an der beruflecher Aus- a Weiderbildung vu strategescher Bedeitung fir eis Ekonomie an den Nowuess u qualifizéierte Fachleit. De bestoende Site stéisst säit Joren op Kapazitéits- an infrastrukturell Limitten (Atelieren, Logistik, Accessibilitéit) wat de Schoul- a Formatiounsbetrib spierbar aschränkt. Am Kader vun der ugekënnegter Moderniséierung soll de Bestand ofgerappt an duerch e funktionellen, nohaltegen an zukunftsfäegen Neibau ersat ginn, dee moderne pädagogesche Besoinen (digital Equipement, Sécherheetsnormen, Inklusioun) entsprécht.

Fir déi concernéiert Schüler, d'Léierpersonal, d'Formatiounspartner aus Betriber an d'Gemeng Planungssécherheet ze schafen, brauch et kloer a komplett Informatioune wou a wéi de Projet realiséiert gëtt, wéi eng Kapazitéiten an Inhalter virgesi sinn, wéi de Betrib wärend der Bauphas organiséiert gëtt an a wéi enge Schrëtt den Zäitplang virgesinn ass.


An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wéi wäit ass de Projet aktuell ? Kënnen d'Ministeren d'Etappe präziséieren?
- Ass virgesinn den Neibau um aktuelle Site zu Ettelbréck ze realiséieren?
- Wéi gesäit d'Kapazitéitsentwécklung am Neibau aus (z. B. Zuel vu Plazen/Schüler, Atelieren a Fachsäll, Gesamtfläch) am Verglach zum haut ze klenge Gebai?
- Wéi a wou gëtt de Schoul- a Formatiounsbetrib an der Bauphas ënnerbruecht? Sinn temporär Auslagerunge virgesinn?
- Wéi gesäit den Zäitplang am Detail aus?

Här President, ech bieden Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Jean-Paul Schaaf

Députéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch op parlementaresch Fro n°2873 vum honorabelen Deputéierte Jean-Paul Schaaf.**

Wéi wäit ass de Projet aktuell ? Kënnen d'Ministeren d'Etappe präziséieren ?

Op Basis vum Bauprogramm, deen den Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, am Januar 2025 un den Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weidergeleet huet, schafft d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten eng Maachbarkeetsstudie aus.

Ass virgesinn den Neibau um aktuelle Site zu Ettelbréck ze realiséieren ?

D'Resultater vun der Maachbarkeetsstudie, déi Ufanks 2026 missten virleien, solle klären op de Bauprogramm um aktuellen Terrain réaliséierbar ass.

Wéi gesäit d'Kapazitéitsentwécklung am Neibau aus (z.B. Zuel vu Plazen/Schüler, Atelieren a Fachsäll, Gesamtfläch) am Verglach zum haut ze klenge Gebai ?

Den CNFPC géif gären de Site maximal ausnotze fir eng gréisst méiglech Struktur ze schafen fir der Demande u Formatioune kënne gerecht ze ginn. D'Unzuel un organiséierte Formatiounen ass an de Joren 2022, 2023 an 2024 allkéiers em ronn 30 % gewuess, dësen Trend ass och an den nächste Joren ugesot well och nei Formatiounsdomainer ausgeschafft ginn: de *Luxembourg Drone Center* oder Formatioune fir de grousse Pool un Adapto-Chauffeuren ze forméieren fir just déi doten ze ernimmen.

Wéi a wou gëtt de Schoul- a Formatiounsbetrib an der Bauphas ënnerbruecht ? Sinn temporär Auslagerunge virgesinn ?

D'Aktivitéiten vum CNFPC Ettelbréck gi wärend dem Ëmbau an ee Gebai an der Rue de Walebroch zu Dikrech verlagert, wou d'Aarbechten op Héichtouren lafen, déi Mëtt nächst Joer missten ofgeschloss sinn.

Wéi gesäit den Zäitplang am Detail aus ?

Den CNFPC Ettelbréck plënnert fir d'Rentrée scolaire 2026/27 op Dikrech.

D'Resultater vun der Maachbarkeetsstudie wäerten och Kloerheet iwwert eng méiglech Zäitschinn ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2025
D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes